



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir d'sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°6977 vum 10. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement

1) Iwwerhëlt d'CNS aktuell Traitementer mat homeopathesche Mëttel?

Falls jo, wéi eng Traitementer sinn dat, zënter wéini ginn dës rembourséiert a soll dës Reegelung an Zukunft bäibehale ginn?

De Code vun der sozialer Sécherheet (CSS) gesäit aktuell d'Prise en Charge vu verschiddenen homeopathesche Medikamenter vir. Den Artikel 22, Alinéa 3, vum CSS gesäit vir dat:

« Par dérogation aux dispositions prévues à l'article 23, alinéa 1^{er}, peuvent encore être inscrits sur la liste positive les médicaments homéopathiques unitaires fabriqués à partir d'une souche végétale, minérale ou chimique et commercialisés sous forme de globules, granules, comprimés ou gouttes. »

All déi homeopathesch Medikamenter déi iwwerholl ginn, sinn op der "positiver Lëscht vun den homeopathesche Medikamenter" agedroen. Déi aktuell Lëscht (1. Oktober 2022) ass als Annexe ugehaangen.

Aktuell ass et net virgesinn de legale Kader unzepassen, esou dat d'Prise en Charge vun den homeopathesche Medikamenter och an Zukunft bäibehale gëtt. Déi Prise en Charge beleeft sech op 80% vum Präis vun deene Medikamenter.

2. Däerfen Epicerien a Supermarchéen homeopathesch Mëttel verkafen?

Falls jo, wéi a vu wem ginn dës Mëttel kontrolléiert?

Homeopathesch Mëttel, déi als Medikament ugesi ginn, ënnerleien de Bestëmmunge vum ofgeännerten Gesetz vum 11. Abrëll 1983 (*Loi du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des spécialités pharmaceutiques et des médicaments préfabriqués*) an däerfen och nëmmen an Apdikten verkaf ginn (*Loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public de médicaments*). D'Pharmaciens-inspecteurs vun der Gesondheidsdirektioun kënnen punktuell Kontrollen an d'Apdikten maachen goen fir ze kucken ob déi Produit'en, déi ugebueden ginn, och ugebueden dierfen ginn an gesetzeskonform sinn. Am Fall wou en Zweifel besteet ob Produit'en konform zu den Qualitäts- respektiv Sécherheitsnormen sinn, huelen d'Beamten, déi och d'Qualitéit vun Officier de Police judiciaire (OPJ) hunn, Prouwen vum Produit mat déi duerno vum Laboratoire National de Santé analyséiert ginn. D'Resultater ginn vun der Gesondheidsdirektioun évaluéiert an am Fall wou sech erausstellt datt en Produit net konform ass, kann de Gesondheitsministère déi néideg Moossnamen virhuelen.



3. Däerfen Apdikte Preparater verkafen, déi bei de Leit eng Wierkung virtäuschen, ouni awer eng solch ze hunn?

Mat Ausnam vun den Préparations galéniques déi an den Apdikten selwer preparéiert ginn, kënnen homeopathesch Medikamenter net ugebueden ginn wann sie keng Autorisatioun de Mise sur le marché hunn. Dës Autorisatioun fir d'Mise sur le marché gëtt ausgestallt wann en homeopathesch Medikament den Kriterien vun der europäescher Direktiv (directive 2001/83/CE du Parlement européen et du Conseil du 6 novembre 2001 instituant un code communautaire relatif aux médicaments à usage humain), esou wéi dem ofgeännerten Règlement grand-ducal vum 15. Dezember 1992, entsprécht.

Lëtzebuerg, den 15. November 2022

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert

Annexe: Positiv Lëscht vun den homeopathesche Medikamenter déi vun der Krankenversicherung iwwerholl ginn op den 1. Oktober 2022



Liste positive des médicaments homéopathiques valable au 1er octobre 2022

Cette liste se base sur des données qui sont de la compétence de la Division de la Pharmacie et des Médicaments et du Ministère de la sécurité sociale.

Numéro national	Dénomination abrégée	Type prise en charge conditionnelle	Prix public	Taux
0384931	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE CHIMIQUE LHL CPR. 1'50 CPR.	0	2,56	80 %
0384685	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE CHIMIQUE LHL GLOB. 1'1 GLOBULES 1 G	0	3,38	80 %
0383495	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE CHIMIQUE LHL GRAN. 1'1 GRAN. 4 G	0	3,63	80 %
0383531	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE CHIMIQUE LHL GTTES 1'1 GTTES 125 ML	0	5,41	80 %
0383819	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE CHIMIQUE LHL GTTES 1'1 GTTES 15 ML	0	1,78	80 %
0383559	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE CHIMIQUE LHL GTTES 1'1 GTTES 250 ML	0	8,79	80 %
0383545	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE CHIMIQUE LHL GTTES 1'1 GTTES 30 ML	0	2,28	80 %
0383528	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE CHIMIQUE LHL GTTES 1'1 GTTES 60 ML	0	4,06	80 %
0383657	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE MINERALE LHL CPR. 1'50 CPR.	0	2,56	80 %
0384346	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE MINERALE LHL GLOB. 1'1 GLOBULES 1 G	0	3,38	80 %
0383661	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE MINERALE LHL GRAN. 1'1 GRAN. 4 G	0	3,63	80 %
0383576	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE MINERALE LHL GTTES 1'1 GTTES 125 ML	0	5,41	80 %
0383853	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE MINERALE LHL GTTES 1'1 GTTES 15 ML	0	1,78	80 %
0383593	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE MINERALE LHL GTTES 1'1 GTTES 250 ML	0	8,79	80 %
0383609	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE MINERALE LHL GTTES 1'1 GTTES 30 ML	0	2,28	80 %
0383562	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE MINERALE LHL GTTES 1'1 GTTES 60 ML	0	4,06	80 %
0383643	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE VEGETALE LHL CPR. 1'50 CPR.	0	2,56	80 %
0384332	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE VEGETALE LHL GLOB. 1'1 GLOBULES 1 G	0	3,38	80 %
0383514	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE VEGETALE LHL GRAN. 1'1 GRAN. 4 G	0	3,63	80 %
0383612	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE VEGETALE LHL GTTES 1'1 GTTES 125 ML	0	5,41	80 %
0383822	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE VEGETALE LHL GTTES 1'1 GTTES 15 ML	0	1,78	80 %
0383501	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE VEGETALE LHL GTTES 1'1 GTTES 250 ML	0	8,79	80 %
0383626	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE VEGETALE LHL GTTES 1'1 GTTES 30 ML	0	2,28	80 %
0384945	UNITAIRE HOMEOPATHIQUE SOUCHE VEGETALE LHL GTTES 1'1 GTTES 60 ML	0	4,06	80 %